ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Februar 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Ech liesen haut an der FAZ datt déi sougenannten “Target-Salden” op en neien Heichststand geklommen sinn.

1. Stëmmt et datt zB Italien haut am "Target" System deenen aneren Zentralbanken am EURO-Raum 364 Milliarden Euro schëlleg ass ?

2. Wei gesäit den Target-Saldo fir Lëtzebuerg aus ? D’FAZ schwätzt vun enger " dreistelligen Milliardenforderung"

3. Huet dier Kenntnis vun engem Bréif vum EZB-Chef DRAGHI un italienesch Deputéierten datt wann Italien géif wëllen aus dem EURO erausklammen dann misst Italien déi "Target"-Schold vir d'éischt bezuelen ?

4. Wei realistesch gesitt dier d'Chance datt Italien oder aner " negativ-Target-Länner" hier Scholden wierklech bezuelen an wei héich sinn also d'Chancen datt Lëtzebuerg - bei engem hypotheteschen EURO-Austrëtt seng Suen zréck kréich ?

5. Deelt dier d'Aschätzung vun der FAZ datt déi Target-Salden en grousst Erpressungspotential an Verloschtrisiko an sech droen ?

Mat déiwem Respekt

Roy Reding

Deputéierten